



Groupe parlementaire

N°972
Entrée le 05.07.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 08.07.2024
Chambre des Députés

Här Claude Wiseler

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 5. Juli 2024

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Staatsminister an un den Här Bausseminister weiderzeleeden.

An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro Nummer 6879 aus der Legislaturperiod 2018 - 2023 huet déi deemoleg Regierung am Hibleck op méiglech Schuedensazprozesser géint Lëtzebuerg virun internationale Schidsgeriichter, opgrond vu Verstéiss vun de Russlandsanktioune géint d'Schutzrechter vun Investisseuren ënner anerem dat hei geäntwert: *"Deementspriechend sinn och d'Revendicatiounen déi kéinten op der Basis vun engem Investitiounsschutzofkommen opbruecht ginn limitéiert. Prinzipiell ass net auszeschléissen datt en Investisseur kéint géint Memberstaaten virgoen. D'Analyse vun dësen Aspekter, déi zesummen mat den EU Institutiounen an den aneren Memberstaaten diskutéiert goufen, huet e Succès vun esou Prozeduren awer als net warscheinlech ageschat. Et goufen bis ewell och keng Schuedensersatzfuerderungen géint Lëtzebuerg opbruecht, weder am Kader vun den aktuellen Sanktiounen géint Russland, nach a fréieren Sanktiounsregimer déi Lëtzebuerg iwwert déi leschte Joer ëmgesat huet".*

Esou wéi Reporter.lu schreift, ass awer genee dee Fall ageetratt. Schonn am Februar huet e russesche Staatsbierger dem Staat eng sougenannt "Notice of Dispute" zoustelle gelooss, fir Lëtzebuerg opgrond vun engem Investitiounsschutzofkommes tëschent der Lëtzebuergesch-Belscher Wirtschaftsunioun vun 1989 mat der Sowjetunioun, dat vun der aktueller Russescher Federatioun iwwerholl gouf, unzesichen. De gefuerderte Schuedensersatz beleeft sech op 15 Milliarden Euro an domat iwwer ongeféier en hallwe Staatsbudget. No Aschätzung vun internationalen Experten ass net ausgeschloss, datt d'Gericht senge Fuerderungen nokënt, net zulescht well virun esou internationale Gremien net d'EU-Texter mee d'Investitiounsofkommes déi entscheidend legal Basis duerstellen. Am Fall vun enger Verurteilung kéinte weider Prozesser nokommen, anerefalls géifen trotzdeem eleng d'Prozesskäschte Reporter.lu no en héije Milliounebetrag ausmaachen.


An deem Zesammenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

- 1) Wéi begrënnt den Här Bausseminister déi Decisioun, den Agank vun der "Notice of Dispute" säit dem Februar ze "verheemlechen", wéi Reporter.lu et schreift? War dee Schratt mam Här Staatsminister ofgeschwat? Gesäit d'Regierung vir, dat Dokument dem Parlament nodréiglech esou séier wéi méiglech zouzestellen?
- 2) Wéi wëll d'Regierung an dësem Fall virgoen? Gëtt e Schidsgeriicht zesummegeallt? Wa jo, wéi a wéini? Wéi eng national an international Experte sinn an deem Gremium vertraueden?
- 3) Wéi héich schätzt d'Regierung d'Käschte vun deem Prozess an?
- 4) Kéint d'Regierung sech virstellen, d'Sanktioune géint déi viséiert Persoun am Kader vun eiser nationaler Souveränitéit preventiv auszesetzen, fir z.B. op eng

bausegeriichtlech Eenegung hinzewierken an domat en eventuelle Schued vu Lëtzebuerg ewechzehalen?

- 5) Am Prozess wäert och d'Fro vun der Nationalitéit eng Roll spillen. Et stellt sech d'Fro, op sanktionéiert Persounen net och en zweete Pass vu befrëndten oder alliiéierte Staate kéinten hunn, mat deene Lëtzebuerg och entspriechend Handelsaccorden ënnerschriwwen huet an iwwert dee Wee och an anere Fäll kéint ugesicht ginn. Gesäit d'Regierung iwwer dee Wee d'Gefor vu weidere juristesche Prozedure géint Lëtzebuerg?

Mat déiwem Respekt,

A handwritten signature in black ink, consisting of a stylized 'F' followed by a long, sweeping horizontal line that curves upwards at the end.

Fernand Kartheiser
Deputéierten



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

Äntwert vum Premierminister a vum Minister fir auswäerteg Ugeleeënheeten an Aussenhandel op d'parlamentaresch Fro n° 972 vum 5. Juli 2024 vum honorabelen Deputéierte Fernand Kartheiser.

D'Regierung setzt sech fir en transparenten Informationsfluss an. Dofir huet de Premierminister dëse Sujet an der zoustänneger Chamberskommissioun och schonn thematiséiert.

Als EU Memberstaat applizéiert Lëtzebuerg déi gëllent EU Sanktiounen, déi zwéngend europäescht Recht sinn. Déi zitíert "Notice of Dispute" ass vun der Regierung am Detail analyséiert ginn. A ce stade gëtt et kee formellt Schidsverfaren (*procédure d'arbitrage*) géint de Staat an deem Kontext.

Lëtzebuerg, den 1. August 2024

De Premierminister,

(s.) Luc FRIEDEN